

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un déi Damme Gesondheetsminister, Justizminister a Familljeminister weiderzeleeden.

2005 gouf de Laboratoire National de Procréation Médicalement Assistée gegrënnt. Säit 2016 féiert de Centre de fertilité méi wéi 600 kënschtlech Befruchtunge pro Joer duerch, an dat, obschonns et zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zu deene meeschten aneren europäesche Länner, nach guer kee Gesetz iwwer d'PMA gëtt, just ee Règlement grand-ducal vun 2003. D'Situatioun fir Kanner, déi aus enger GPA, enger PMA oder enger anonymer Gebuert ervirgaange sinn, ass voller Onsécherheeten. Et ass och zum Beispill net gekläert, wéi d'Kand seng Originen zréckfanne kann.

Doriwwer eraus ass eng PMA net ongeféierlech. Am „Guide de la procréation médicalement assistée au CHL“ gëtt op d'Gefore vun enger PMA opmierksam gemaach, ënner anerem op de Risk vu Mëssbildung bei Kanner. Et ginn och Studien, déi kloer nowiesen, datt Kanner, déi duerch eng PMA „produzéiert“ ginn, oft eng Woch ze fréi gebuer ginn. Een ze niddregt Gebuertsgewicht oder eng erhéichte perinatal Stierflechkeet sinn aner Risiken.

Aktuell Initiative fir rechtlech Reegelen an zeféieren trieden zwar mat héijen Uspréchen un, loossen awer vill Froen op a kënnen nei Problemer bréngen. Besonnesch déi ethesch Aspekter vun der PMA ginn net oder kaum thematiséiert. Si erfuerderen awer eng breet öffentlech Debatt.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froen stellen, déi sech op Problemer bezéien, déi an där aktueller Situatioun optrieden:

- 1) Wéi positionéiert sech d'Regierung zum „don d'ovocytes“ an zum „don d'embryon“ (wann eng Koppel, déi hir PMA net weiderféiere wëll, well se beispillsweis gescheet gëtt oder sech trennt, oder wéinst „incapacité permanente de décision“, „hiren“ Embryo un eng aner Koppel weidergëtt), zwou Praktiken, déi hei am Land existéieren, awer bis elo net kloer gereegelt sinn?
- 2) Sinn d'Kanner, déi aus enger PMA ervirginn, ierfschaftsberechtigt? Géintiwwer weem?

- 3) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt de Liewenspartner present misst sinn, wann den Embryo der Fra ageplazt gëtt, fir eventuell spéider Rechtsongesécherheeten ze verhënneren?
- 4) Wat geschitt mat den "iwwerzielegen" Embryoen, déi aus ënnerschiddleche Grënn net ageplazt ginn? Wéi laang kënnen Embryoe maximal konservéiert ginn? Wat ass d'Positioun vun der Regierung zum Ëmgang mat sougenannten "iwwerzielegen" Embryoen?
- 5) Wat fir Reegele ginn am Ablack am Hibréck op preimplantatoresch a prenatal Ënnersichungen applizéiert?
- 6) Kënne „refuséiert“ oder „iwwerschësseg“ Embryoe vun der Wëssenschaft „benotzt“ ginn? Ënner wéi enge Bedingungen? Gëtt et do finanziell Transaktiounen, a wéi steet d'Regierung dozou?
- 7) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt et misst illegal sinn, auslännesch Spermien ze importéieren oder ze bestellen (inklusive iwwer Internet), ausser iwwer een Institut agréé, deen och derfir suerge misst, datt den Numm vum Donateur, also dem zukünftege Papp, derbäisteet an aktéiert gëtt?
- 8) Ass d'Regierung der Meenung, datt et fir Koppelen, déi eng PMA wënschen, verpflichtend misst sinn, datt si iwwer d'Risiko vun esou enger medezinescher Prozedur genau Bescheed wëssen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser,
Deputéierten